# Är Equipe

mir sinn do fir jiddereen

## Lëscht 5

**Léif Leit vu Fréiseng, Helleng an Uespelt,**

Mat dëser Broschür wëlle mir Iech e Réckbléck iwwer d' Investitioune vun deene leschte Joren an onser Gemeng presentéieren a gläichzäiteg onse Programm virstellen, dee mir an den nächste 6 Jore wëlle realiséieren.

Dëst ass e Programm deen eng Kontinuitéit duerstellt zu den Investitiounen a Realisatiounen am Interessi vun onser Gemeng an hire Bierger.

Fir dëse staarke Programm ze realiséieren, brauch een eng staark Equipe, déi bereet ass vill Fräizäit an Idealismus matzebréngen.

Mir sinn ons onser Responsabilitéit vis-à-vis vun Iech allequer, léif Leit, voll a ganz bewosst, a mir wiere frou, wann Dir ons den 11. Juni Äert Vertraue schenke géift.

**Mir soen Iech dofir am Viraus villmools Merci.**

**Chers habitants de Frisange, Hellange et Aspelt,**

Avec cette brochure nous voulons vous informer sur les réalisations des 6 dernières années et aussi vous présenter notre programme des projets que nous voulons réaliser dans le futur pour la commune de Frisange.

Pour la réalisation de ce programme la commune a besoin d'une équipe présente et à l'écoute de ses citoyens, compétente, motivée, courageuse et honnête.

Avec notre expérience l'Equipe a non seulement démontré par le passé qu'elle pouvait changer des choses en réalisant des grands projets, mais aussi dans le futur « Är Equipe » saura s'imposer pour une politique communale qui progresse.

L'Equipe aimerait continuer à servir la commune avec un dévouement total et nous vous remercions d'avance pour votre confiance que vous pourrez nous accorder le 11 juin.

**Nous vous remercions déjà maintenant pour votre confiance.**



Är Equipe
mir sinn do fir jiddereen

## Inhaltsverzeechnis / Sommaire


» **Programm** / *Programme*

1 **Educatioun** / *Education* 4

2 **Sport – Kultur – Jugend – Fräizäit** / *Sport – culture – jeunesse – loisirs* 6

3 **Zesummenliewen – Drëtten Alter – Soziales** / *Vivre ensemble – 3ème âge – affaires sociales* 8

4 **Klima & Ëmwelt** / *Climat & environnement* 9

5 **Gemengeservicer – Urbanismus – Mobilitéit** / *Services communaux – urbanisme – mobilité* 10

6 **Finanzen** / *Finances* 13

7 **Ons Kandidaten** / *Nos candidats* 14


www.facebook.com/aer.equipe



# 1. Educatioun

## Bilan

- Erweiderung a Vergréisserung vun der Schoul an der Maison Relais:
  - 9 zousätzlech Klassesäll
  - Maison Relais déi **all** eis Kanner ophuele kann
  - Gemeinschaftsraim
  - Ënnerierdesche Parking.
- Amenagement vun engem modernen an adequate Schoulhaff.
- D'Klassesäll sinn all mat interaktiven Tafelen an Laptopen equipéiert ginn.
- E Projet fir den Accueil vun eise Precoce-Klassen hu mir geplangt esou datt eis Kanner de Januar 2024 dovunner kënne profitéieren.
- Eng Crèche zu Uespelt fir eis Kanner aus der Gemeng ass geplangt an um Instanzewee.
- Vergréisserung vun eiser interkommunaler Schwämm SPIC.
- No der Pandemie hu mir eis agesat fir d'Classes vertes an och d'Coupe scolaire nees ze aktivéieren.
- Vakanzenaktivitéiten hu mir zesumme mat der Maison Relais organiséiert.

## Programm

- Bau vun engem Sportsterrain op dem Schoulcampus zu Fréiseng.
- Renovéiere vun der Crèche Butzenhaus zu Helleng.
- Aféiere vun enger Bëschspillschoul.
- Schafe vun engem Snoezelraum.
- Aktiivt Matwierke vun der Gemeng bei der Integratioun vun all eise Kanner an der Gemeng.
- Hausaufgabenhëllef.








# 1. Education

## Bilan (réalisations des six dernières années)

- Projet d'extension et agrandissement de l'école et de la Maison Relais (début des travaux septembre 2023) :
  - 9 salles de classes supplémentaires
  - Maison Relais pour accueillir **tous** nos enfants
  - Salles communes
  - Parking souterrain.
- Aménagement d'une cour d'école moderne et adaptée aux besoins de nos enfants.
- Les salles de classes ont été équipées de tableaux interactifs et ordinateurs portables.
- Un projet pour l'accueil des classes du précoce a été voté et sera prêt en janvier 2024.
- Augmentation des capacités d'accueil pour enfants entre 0 à 4 ans par la construction d'une crèche communale à Aspelt.
- La piscine intercommunale SPIC pour nos enfants a été agrandie.
- Après la pandémie nous avons réactivé les classes vertes et la coupe scolaire.
- Des activités de vacances ont été organisées avec la Maison Relais.

## Programme

- Construction d'un terrain multisports sur le campus scolaire à Frisange.
- Rénovation de la crèche Butzenhaus à Hellange.
- Organisation d'une école maternelle forestière.
- Création d'une salle « Snoezel ».
- Coopération active de la commune dans l'intégration de tous les enfants.
- Aide aux devoirs.





## 2. Sport – Kultur – Jugend – Fräizäit

**Bilan**

- Gemeng Fréiseng bitt all Joer méi wéi 12 Course fir Sport a Kultur un.
- Den neie Scoutschalet ass mat der Zesummenaarbecht vun de Responsabelen aus de Scouten nei geplangt ginn; de Chantier wäert an den nächste Méint ugoen.
- Reamenagement vum Fussballtrainingsterrain zu Uespelt.
- Amenagement vun enger Boule-Pist (Terrain de pétanque) zu Helleng.
- Renovatioun vun der Uespelter Kierch déi zum Patrimoine vun der Gemeng gehéiert.
- D'Schlass zu Uespelt: d'Haaptgebai ass ganz renovéiert ginn, d'Plaz virun der Kierch flott amenagéiert an de Chantier vun den Annexe geet gutt virun:
  - An den Hochzäitsraim hu sech 2022 schonn 29 Koppele bestuet
  - Iwwer 40 verschidde Manifestatioune wéi Ausstellungen, Concerten, Konferenzen, Open Air Kino, asw si schonn organiséiert ginn
  - Chrëschtmaart
  - An engem Joer wäerten dann och de grousse Sall, déi 2 Gîten an d'Epicerie fäerdeg sinn.

**Programm**

- Opriichte vun engem Pavillon fir d'Veräiner vu Fréiseng.
- Erneiere vun de Pavillone fir d'Veräiner zu Helleng & zu Uespelt.
- Amenagement vun engem neie Fussballterrain zu Uespelt.
- Aféiere vun engem Jugendhaus.
- Reamenagéieren & optimiséiere vum Hellenger Centre polyvalent.
- Spillplazen duerch e modernt Konzept verbesseren a méi attraktiv maachen.
- Bauen vun engem Pumptrack – Parcours.





## 2. Sport – culture – jeunesse – loisirs

**Bilan**

- La commune de Frisange offre plus de 12 cours par année en sport et en activité culturelle.
- Un nouveau chalet pour nos scouts a été planifié avec les responsables des scouts et les travaux vont commencer en automne.
- Réaménagement du terrain d'entraînement du foot à Aspelt.
- Aménagement d'un terrain de pétanque à Hellange.
- Projet de rénovation de l'église d'Aspelt qui appartient au patrimoine de la commune.
- Le château à Aspelt : le bâtiment principal a été rénové complètement, la place devant l'église est joliment aménagée et le chantier des annexes du château avance assez bien:
  - Dans les salles de mariage 29 couples se sont donnés le « oui » en 2022
  - Plus que 40 manifestations comme expositions, concerts, conférences, etc. ont été organisées
  - Marché de Noël
  - Dans les annexes une salle de spectacle, deux gîtes et une épicerie seront prêts à l'utilisation début 2024.

**Programme**

- Construction d'un pavillon pour les associations à Frisange.
- Rénovation des pavillons associatifs à Aspelt et Hellange.
- Aménagement d'un nouveau terrain de foot à Aspelt.
- Organisation d'une maison pour jeunes.
- Réaménagement et optimisation du centre polyvalent à Hellange.
- Introduction d'un concept pour les aires de jeux dans nos villages ; optimisation des places existantes et augmentation de l'offre.
- Construction d'un parcours « Pumptrack ».







# 3. Zesummenliewen – 3ten Alter – Soziales

# 3. Vivre ensemble – 3ième age – affaires sociales



**Bilan**

- Bau vun engem Senioren Haus & 3 sozial Wunnengen nieft der neier Crèche zu Uespelt ass geplangt an op dem Instanzewee.
- Verbesserung vun der Offer vum Frisibus zesumme mat der Gemeng Weiler.
- Gemengen-App mat Agenda, Mobilitéit & Report-it.
- Noperschafts-App.
- Reegelméisseg Organisatioun fir Babysitter-Coursen.
- Subside fir d'Entsuergung vun den „Couches bébés".
- Gratis Service de médiation fir all eis Awunner.
- Baby plus (gratis Berodung a Betreiung vun de Mamme fir Bëbeeë bis zu 1 Joer).

**Programm**

- Colaboratioun am Programm "Youth&Work" géint den Jugendchomage.
- De Kleederschaf kënnt an e méi modernt an zougänglecht Gebai.
- Mir féieren eis Beméiungen intensiv weider fir datt all ëffentlech Plazen a Gebaier PMR gerecht sinn.
- Duerch de Pacte Logement 2.0 kënne mir méi abordabele Wunnraum schafen an och „Tiny" Haiser integréieren.
- Aféiere vun engem Café social.
- Verbesserung vun eisem Service Repas sur roues.
- Aféiere vu Subside fir d'Entsuergung vun „Couches incontinences".
- Erweiderung vun eisem Service de proximité an Zesummenaarbecht mat de Gemengen Réiser a Weiler.
- Organisatioun vu verschiddene Mäert wéi z.B.: Floumaart, Fräschmaart, Kiermes, ...
- Radio associative fir eis Gemeng.
- Méi interkommunal Aktivitéiten.
- Broschür fir Vëlo- a Fouss Touren a Spillplazen an eiser Gemeng.
- Gemeinschaftsgäert souwäit mir Terraine fannen.
- Spillwise fir eis Muppen.

**Bilan**

- Projet de construction d'une maison pour seniors et de 3 appartements sociaux à côté d'une nouvelle crèche à Aspelt.
- Augmentation de l'offre de notre « FRISIBUS » ensemble avec la commune de Weiler-la-Tour.
- Application communale avec agenda, mobilité et report-it.
- Application des voisins HOPLR.
- Organisation régulière de cours pour babysitting.
- Subvention pour l'enlèvement des couches bébés.
- Service de médiation gratuit pour tous les habitants de la commune.
- Baby plus (conseil et accompagnement gratuit pour maman en grossesse jusqu'à la première année du bébé).

**Programme**

- Collaboration communale à l'action « Youth&Work » contre le chômage de la jeunesse.
- L'association sociale « Kleederschaf » aura un local plus moderne et plus accessible.
- Nous continuerons tous nos efforts pour l'accessibilité PMR de tous nos bâtiments, places et installations.
- Par le pacte logement 2.0 la commune peut créer des logements à prix abordable et aussi intégrer des espaces pour « Tiny House ».
- Organisation d'un café social.
- Amélioration de notre service repas sur roues.
- Mise en place d'une subvention pour couches incontinence.
- Réforme de notre service de proximité en collaboration avec les communes de Roeser et Weiler.
- Introduction de certains marchés comme: marché aux puces, marché aux produits frais, kermesse, ....
- Radio associative pour notre commune.
- Plus d'activités avec les communes avoisinantes.
- Brochure sur les pistes cyclables, pour piétons et aires de jeux.
- Acquisition des terrains nécessaires pour installer des jardins communs.
- Aires de jeux spéciales pour nos chiens.



# 4. Klima & Ëmwelt



**Bilan**

- Installatioun vu LED-Beliichtung:
  - Fréiseng: Park Lésigny, Hoënerwee, An der Aluecht, Um Flouer, Op der Gëll, Klees Bongert, Am Pesch & deelweis bei den HSP
  - Helleng: Um Bourbierg, Schoulstrooss, Sauerwiss, Parking bei der Kierch, Hoënerwee & Site vum Atelier mam Recycling Park
  - Uespelt: Op Laangert, Beim Schlass, um Schmiddebuer & en Deel vun der Péiter vun Uespelt Strooss.
- En Héichwaasserkonzept ass geplangt a verschidde Moossname schonn ëmgesat.
- All eis nei Gebaier gi mat de beschten Energieeffizienz-Klasse gebaut a kréien déi modernsten a spuersaamsten Heizungsanlagen. Donieft gëtt Reewaasser recuperéiert fir de Sanitaire.
- Do wou et méiglech ass, hu mir Fotovoltaikanlagen op den Diech vun eise Gebaier installéiert.
- Verschidden al Heizungsanlage si schonn erneiert ginn.
- Eis Dreckstute souwéi d'Hondstute sinn aus recycléiertem Plastik vu VALORLUX.
- Subside fir Fotovoltaikanlagen, energieeffizient Heizungsinstallatiounen ewéi och Vëloen.
- Eis Kanner hu Fläsche fir d'Gedrénks a Këschte fir d'Iesse kritt, esou gëtt manner Offall produzéiert.




**Programm**

- All eis Stroosse mat LED-Beliichtung equipéieren.
- Héichwasser-Konzept fäerdeg ëmsetzen.
- Planze vun Hecken a Beem fir en natierleche Schied op eise Spillplazen an ëffentleche Plazen.
- Verbesserung vum Energieverbrauch vun allen existente Gemengegebaier.
- Weider elektresch Bornen installéieren.

# 4. Climat & environnement

**Bilan**

- Installation d'éclairage public LED :
  - Frisange : Park Lésigny, Hoënerwee, An der Aluecht, Um Flouer, Op der Gëll, Klees Bongert, Am Pesch & partiellement sur le site à côté du centre
  - Hellange : Um Bourbierg, Schoulstrooss, Sauerwiss, parking auprès de l'église, Hoënerwee et le site de l'atelier avec le parc de recyclage
  - Aspelt : op Laangert, les alentours du château, dans la Péiter vun Uespelt Strooss rénovée et um Schmiddebuer.
- Un concept contre les inondations a été planifié et certaines mesures sont déjà mises en place.
- Tous les nouveaux bâtiments seront construits avec les meilleures classes d'énergie et seront équipés avec des systèmes de chauffage très modernes et économiques en énergie. D'autant plus des systèmes de récupération d'eaux pluviales pour les installations sanitaires vont aider à réduire la consommation de l'eau potable.
- Selon les possibilités techniques et statiques des installations photovoltaïques ont été installées.
- Certaines chaufferies ont été remplacées par des systèmes plus économiques.
- Les sachets poubelles de la commune et les sachets pour crottes de chien sont fabriqués de plastique recyclé de VALORLUX.
- La commune accorde des subventions pour des installations photovoltaïques, systèmes écologiques de chauffage et pour des vélos.
- Tous nos enfants de l'école primaire sont et seront équipés de bouteilles et boîtes pour leur goûter afin d'éviter les déchets.

**Programme**

- Installation des réverbères LED dans toute notre commune.
- Finaliser le concept anti-crue.
- Plantation d'arbustes et arbres pour offrir de l'ombre naturel sur nos places et aires de jeux
- Amélioration énergétique de tous les anciens bâtiments et installations communales.
- Installation de bornes électriques supplémentaires.

# 5. Gemengeservicer – Urbanismus – Mobilitéit

## Bilan

- Bau vun enger neier Gemeng deen dringend noutwenneg war fir méi Personal ze engagéieren an den Service um Bierger ze optimiséieren. Den 22 & 23 September 2023 ass e Weekend "porte ouverte".
- Komplett Erneierung vum Atelier a Recycling Park.
- Aféiere vun engem Sperrmüllcontainer.
- Upassung vun de Poubellestaxen.
- Neie PAG mat engem moderne Bautereglement.
- Nei a méi gerecht Bautaxen.
- Besseren Agenda fir eis gréng Poubellen.
- Komplett Erneierung vun der Péiter vun Uespelt Strooss.
- Reamenagement vun der Schoulstrooss zu Helleng.
- Reewaasser Kanal an der Wisestrooss zu Helleng.
- De Buerbierg zu Helleng ass komplett renovéiert ginn.
- De CR156, d'Krokelshaffstrooss/Péiter vun Uespelt Strooss, konnt d'Gemeng iwwerhuelen a gëtt an den nächste Méint an eng Zone 30 ëmgebaut.
- Bëschkierfecht "am Seitert" zu Uespelt zesumme mat de Gemenge Weiler, Duelem a Mondorf.
- Besser Beliichtung vun eise Foussgängersträifen.
- Devise fir verschidde Foussgängeriwwergäng, Trottoiren a Busarrête méi sécher ze maache si gestëmmt an d'Aarbechte fänken an den nächste Méint un.
- Zesumme mat der Post schaffe mir drun datt geschwënn iwwerall an der Gemeng de schnellen Internet fonctionéiert.
- Duerch eng gutt Entente mat Ponts et Chaussées konnte mir de Plang virundreiwen datt eis Haaptstroossen och erneiert a méi sécher gemaach ginn an zousätzlech Vëlospisten dobäi kommen.
- Wifi bei an a villen ëffentleche Gebaier.

## Programm

- Erweiderung vun den Ëffnungszäite vum Biergerzenter.
- E-Reider an all eisen Dierfer.
- Wifi-Reseau ausbauen.
- Besser Horaire fir de Recycling Park an Aféiere vun der SuperDreckskëscht.
- Renovéiere vum Hoënerwee zu Helleng.
- Reamenagement vun der Wisestrooss zu Helleng.
- Trottoiren an Erneiere vum Flouer zu Uespelt.
- Erweiderung vum Parking résidentiel.
- Weider mat Ponts et Chaussées de Projet vun der Neigestaltung vun den Haaptstroosse virundreiwen.
- Verkéiersberouegung an eisen Dierfer duerch Zone 30 oder Zone partagée do wou et nëmme méiglech ass.
- Kooperatioun mat eisen Nopeschgemengen am Frankräich fir P&R a Buslinne schonn hannert der Grenz.






# 5. Services communaux – urbanisme – mobilité

## Bilan

- Construction d'une nouvelle mairie. Suite à l'augmentation considérable de la population et afin d'optimiser les services envers nos citoyens la commune avait de toute urgence besoin de plus d'espace pour l'engagement de personnel administratif. Un weekend de porte ouverte est fixé pour les 22 et 23 septembre 2023.
- Rénovation complète de l'atelier communal et du parc de recyclage à Hellange.
- Introduction d'un conteneur pour déchets encombrants.
- Adaptation des taxes pour poubelles.
- Nouveau PAG avec des règlementations plus modernes.
- Nouvelles taxes plus équitables pour constructions.
- Meilleur agenda pour les poubelles vertes.
- Reconstruction de la Péiter vun Uespelt Strooss à Aspelt.
- Réaménagement de la Schoulstroos à Hellange.
- Construction d'une canalisation pour eaux pluviales dans la Wisestrooss à Hellange.
- Le Buerbierg à Hellange a été complètement rénové.
- Le CR156 (Krokelshaffstross et une partie de la Péiter vun Uespelt Strooss de Aspelt jusqu'à Frisange) a été cédé par l'Etat à la commune de Frisange et va être aménagé dans les prochains mois en zone 30.
- Aménagement d'un cimetière dans la forêt « am Seitert » à Aspelt ensemble avec les communes de Weiler, Dalheim et Mondorf.
- Éclairage plus efficace pour nos passages piétons.
- Des devis ont été votés pour le réaménagement et la sécurisation de certains passages piétons, arrêts de bus et trottoirs. Les travaux vont commencer très prochainement.
- Ensemble avec les P&T nous faisons beaucoup d'efforts pour avoir la fibre optique dans toute la commune.
- Par la création d'une bonne entente avec les Ponts et Chaussées nous pouvons faire avancer le projet du réaménagement de la N13 qui traverse toute notre commune. Les plans prévoient la réduction en largeur, la sécurisation des trottoirs et passages piétons ainsi que la création d'une piste cyclable.
- Installation du Wifi dans et autour de certains bâtiments communaux.

## Programme

- Adaptation des horaires d'ouverture du bureau de la population.
- Affichage électronique dans toutes nos trois localités.
- Extension de notre réseau Wifi.
- Meilleurs horaires pour le parc de recyclage.
- Aménagement du Hoënerwee à Hellange.
- Réaménagement de la Wisestross à Hellange.
- Construire des trottoirs et rénover la rue Um Flouer à Aspelt.
- Extension du parking résidentiel.
- Apaiser le trafic dans nos villages avec introduction de plus de zones 30 ou des zones partagées.
- Aider et coopérer avec nos communes avoisinantes en France pour l'installation de P&R et lignes de bus déjà sur le terrain français.


















## 6. Finanzen

Duerch d'Reform vun de Gemengefinanze kritt och d'Gemeng Fréiseng méi Ënnerstëtzung vum Staat.

Esou ass eise Programm mat all de Projete sécherlech ze realiséieren.

**Är Equipe** huet de Courage, d'Motivatioun an d'Wäitsiicht fir déi néideg Budgeten opzesetzen, ze stëmmen an esou dës Projeten ze verwierklechen.

## 6. Finances

Suite à la réforme de la loi sur le financement des communes, la commune de Frisange recevra les ressources nécessaires pour financer ses projets futurs.

Durant ces dernières années tous les projets importants et modernes ont seulement pu être réalisés grâce à la clairvoyance et la responsabilité des membres de **Är Equipe** qui ont voté les budgets nécessaires au financement et à l'exécution de tous ces projets.



***Wann dëse Programm och Är Visioun ass, da wiere mir frou, fir Äert Vertrauen den 11. Juni ze kréien.***

***Är Equipe s'engage avec cœur et âme et nous vous remercions d'avance pour votre confiance que vous pourrez nous accorder le 11 juin.***

# MERCI



**Roger BEISSEL**

Uespelt

Buergermeeschter

Privatbeamten / 59 Joer

Nat: Lëtz. / éischt Kandidatur: 1999

President vun der Schoulkommissioun

President vum Syndikat SIFRIDAWE

Member vum Kommitee SPIC
(interkommunaler Schwämm)

ROGER BEISSEL



**Danièle CAPELLE**

Fréiseng

Ergotherapeutin / 62 Joer

Nat: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2023

Aktive Member vun den Fréisenger
Scouten

DANIÈLE CAPELLE



**Carlo HEUERTZ**

Freiséng

Conseiller

Pensionéierte Bankbeamten / 63 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2005

President vun der Finanzkommissioun

President vun der Sportskommissioun

Vizepresident vum Office social vun
de Gemenge Beetebuerg, Réiser
a Fréiseng

Vertrieder vun der Gemeng am
Klimabündnis

President an aktive Spiller vum
DT Fréiseng

Aktive Member vun der Fréisenger
Musek

CARLO HEUERTZ



**CAROLE HOFFMANN**

Fréiseng

Bankbeamtin / 40 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2023

Sekretärin an aktive Member am Kara-
te Club Fréiseng

CAROLE HOFFMANN



**Léon KAAS**

Helleng

Staatsarbechter &
Bio Bauer / 63 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2005

Member vum Klima Pakt Team

Member vun der Chancëgläichheets-kommissioun

Member vum Kleederschaf

Member vum Lokalveräin Helleng



**Kim KARTHEISER**

Uespelt

Éducatrice / 27 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2023

Member am Kommitee an aktiv Spillerin bei den Uespelter Theaterfrënn



**Steve METZLER**

Helleng

Eisebunner / 44 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2011

Member vun der Sportskommissioun

Vizepresident an aktive Spiller vum DT Helleng



**Claudio MONGELLI**

Uespelt

Conseiller

Pensionéierte Sécherheetsbeoptraagten / 60 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2011

President vun der Bautekommissioun

Member vum Kommitee SIDOR

Member an der Amicale vun den Uespelter Pompjeeën



CYRIL PERRICHON

## Cyril PERRICHON

Helleng

Privatbeamten / 55 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2023

Sekretär vun Är Equipe



LÉA POHLY

## Léa POHLY

Uespelt

Privatbeamtin / 60 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2023

Aktive Member am CIS Uespelt

Caissière vun der Entente Uespelt

Aktive Member vun den Uespelter Theaterfrënn



CHARLES WIRTGEN

## Charles WIRTGEN

Fréiseng

Pensionéierte Privatbeamten / 56 Joer

Nat.: Lëtz. / éischt Kandidatur: 2023

Member vun der Feldwee-Kommissioun

Kommiteesmember vun der Crèche Butzenhaus zu Helleng

Aktive Member am Kleederschaf

Animateur an der Table de Conversation



# Är Equipe
mir sinn do fir jiddereen

**Léif Leit,**

fir dësen ambitiéise Programm ze realiséieren, steet **Är Equipe** bereet.

All déi wichteg souwéi modern Projeten an Infrastrukturen aus der Gemeng konnten nëmme realiséiert ginn duerch d'Responsabilitéit vun der Equipe. Mir erënneren drun datt an den Joeren 2011 bis 2017 ënnert der CSV-LSAP Majoritéit keng Schoul, keng Maison Relais weder nach eng Crèche geplangt oder gebaut ginn ass.

Mir, **Är Equipe**, hunn eng global Visioun. Mir hunn net nëmmen an der Vergaangenheet bewisen, datt mir villes bewierken a realiséiere kënnen, mee och an Zukunft setze mir eis a fir eng fortschrëttlech Gemengepolitik.

Mir hunn all en oppent Ouer fir Iech, zéckt net a kontaktéiert eis perséinlech wann Dir Froen oder en Uleies hutt.

Mir, **Är Equipe**, sinn do fir jiddereen a beméien eis datt Dir, léif Leit, an der Gemeng Fréiseng ënnert beschte Konditiounen zesumme liewe kënnt.

Wann dëse Programm och Är Visioun ass, da wiere mir frou, fir Äert Vertrauen den 11. Juni ze kréien.

**Fir dëse Programm an dëst Versprieche steet Är Equipe.**




**www.aerequipe.lu**